N°740
Entrée le 16.05.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 16.05.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 15/05/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Gesondheet & Bildung, Kanner a Jugend weiderzeleeden.**

Zu Lëtzebuerg ginn et zwou Institutiounen, déi Autismus-Diagnose maachen,eng dovunner ass d'FAL. Dëst sot rezent RTL géintiwwer, dass een am Moment bei enger Waardelëscht vu 4 Joer géif leien. D'Fondation Autisme Luxembourg krut laut eegenen Aussoen d'lescht Joer 398 Demandë vu Persounen am Kader vun enger Diagnos. Dovunner hätten der awer just 123 kënnen traitéiert ginn, also net emol en Drëttel vun den Demanden. De Grond fir dës laang Waardezäit wier e grousse Mangel u Ressourcë bei enger ëmmer méi grousser Demande am Land. Si wieren an deem Kontext dann och an enkem Kontakt mam Educatiounsministère. Grad bei klenge Kanner a Jonker ass eng séier a fréi Diagnos awer wichteg, fir hinnen doduerch fir d'Zukunft déi beschte Perspektiven ze erméiglechen.

An deem Zesummenhang wéilte mir de Ministeren dës Froe stellen:

1. Firwat goufen hei net fréizäiteg méi Ressourcen zur Verfügung gestallt, wëssend dass d'Demande zënter Joren erop gaang ass, fir esou laang Waardezäiten ze vermeiden?
2. Wat gedenkt d'Regierung ze maachen, fir méiglechst séier d'Diagnostikkapazitéiten ze erhéijen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

POLIDORI Ben
Deputéierten